# 75 Joer OPL

Guy Engels

Mat senge 75 Joer steet den OPL nach voll am Saaft an ass bei beschter Gesondheet. Kuckt een esou duerch d'Reien, da kënnt et engem vir, wéi wann den Orchester e Becher voll aus dem Jungbrunne gedronk hätt.

Vill jonk an nei Gesiichter erbléckst een hannert de Pulter, Museker, déi eréischt zanter kuerzem hire Concours hannert sech hunn a sech elo och Lëtzebuerger Philharmoniker däerfen nennen.

Si kommen an eng gewuesse Struktur, an een Ensemble, dat eng mouvementéiert Geschicht hannert sech huet an ëmmer duerch nei Erausfuerderunge méi staark ginn ass.

Deen éischten Challenge war den Ufank – an dat direkt zweemol: 1933 an nach eng Kéier direkt nom Zweete Weltkrich. D'Aarbecht als Radiosorchester war alles anescht wéi „de tout repos".

Lues a lues ass dës Funktioun duerch déi technesch an och inhaltlech Entwécklung vu Radio Lëtzebuerg verluergaangen. Den Orchester huet sech missen nei Aufgabe sichen, eegen Aktivitéiten entwéckelen – ouni Hëllef vum Mammenhaus, awer och ouni Hëllef vun den ëffentlechen Instanzen. Och dëse Schrack hunn d'Museker vum deemolegen RTL-Orchester an hir respektiv Chefdirigente meeschterhaft gemaach.

**Deen éischten Challenge war den Ufank – an dat direkt zweemol: 1933 an nach eng Kéier direkt nom Zweete Weltkrich. D'Aarbecht als Radiosorchester war alles anescht wéi „de tout repos".**

Schliesslech koumen dee batteren Ufank vun den 90er Joren an d'Ongewëssheet, wat mam Orchester geschitt. Déi eng – d'CLT – wollten en net méi, déi aner – de Staat – wosst nach net, ob en dëst wäertvollt Instrument sollt iwwerhuelen. Datt den Orchester eng wichteg Stäip vum einheimesche Kulturliewen wär, dat war den Unisono vun de Meenungen. Mä esoubal et ëm d'Bezuele gaangen ass, hunn der ganz vill hir Freed un der Musek wéi en Noutestänner zesummegeklappt an d'Partitur mam Lueflidd op den Orchester ewechgehäit.

Iwwreg blouwen nach e puer daper Ausriffer, déi ës net midd goufen, fir den Orchester ze plaidéieren. Hir kulturell Toxegkeet gouf schliesslech belount mat der Schafung vum Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg.

Zanter bal 15 Joer gëtt et also elo den OPL, eng Institutioun, déi esou staark Wuerzele geschloen huet, datt vill Melomanen einfach nëmme vum Orchester schwätzen, a jidderee weess, dat sinn d'Philharmoniker vum Kierchbierg.

D'Vertrauen ass also grouss an och berechtegt, well den OPL ass musekalesch eng éischt Adress.

Mä – an dat ass d'Léier, déi een aus deene vergaangene 75 Joer muss zéien – et heescht ëmmer nees nei ufänken, sech selwer a Fro stellen, fir net vun aneren op eemol a Fro gestallt ze ginn. Dat ass net ëmmer een einfachen Exercice, mä grad an Zäiten, wou och an der klassescher Musek d'Konkurrenz wiisst a Monopolstellungen, wéi et se nach an der Vergaangenheet gouf net méi existéieren, kënnt een net derlaanscht.

Wichteg an esou enger Phase ass da vrun allem d'Kontinuitéit an de Strukturen, an do steet fir den OPL deemnächst eng wichteg Personalie an d'Haus: de Poste vum Chefdirigent. Et wär ze hoffen, datt d'Fondatioun Henri Pensis unisono a prestissimo de Kontrakt mam Emmanuel Krivine fir e weidert Mandat verlängert.

*Kulturchronik vum 20.5.2008*

*De Guy Engels ass Muséksredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer.*